

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet a vun der Madamm
Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°6037 vum Här Deputéierten Sven Clement
iwwert d'Krankheeten duerch Büroaarbecht**

1. Leien dem Ministère Zuele fir, déi d'Evolutioun vun der Heefegkeet vun esou Bürokrankheete weisen?
Wa jo, wéi hunn sech dës Zuelen an de leschten 10 Joer entwéckelt?

2. Wat fir Krankheeten trieden hei am heefegsten op?

Déi global Aktivitéitsrapporte vun den aarbechtsmedezinesche Servicë liwwere keng national Statistiken iwwert d'gesondheetlech Problemer déi bei den Ënnersichungen detektéiert gi sinn.

Déi meescht gesondheetlech Problemer déi an de jeeweilege Betriber fonnt ginn, sinn Ae-Problemer, schlecht Gehéier, héije Bluttdrock, mental Problemer (Stress, Depressioun, Burn-out, ...) a Récken-Problemer.

D'Ursaachen dofir sinn zum Beispill schlecht Ernierung, Stress a Mangel u Bewegung, souwéi aner Risikofacteurs wéi Fëmmen, Alkohol, Ëmweltgëfter, an exzessive Kaméidi. Och psychosozial Facteurs wéi Einsamkeet, Leeschtungsdrock a Medieniwerstimulatioun kënnen krank maachen.

Ganz allgemeng muss een an deem Kontext feststellen, datt déi gesondheetlech Problemer, déi ugeschwat ginn, "Zivilisatiounskrankheeten" duerstellen, déi nëmmen deelweis mat enger berufflecher Aktivitéit verbonne sinn, och wann eng "Tertiäriséierung" vun enger Wirtschaft natierlech och e Facteur ass dee verschidde Krankheete ka verstärken oder ervir ruffen. Mee global ass et éischer d'Liewensweis vun enger "moderner" Gesellschaft, souwéi och vum perséinlechen an och privaten, psychosozialen Ëmfeld, déi dozou féieren dat verschidde Pathologië méi staark optrieden.

3. Wéi huet sech d'Zomm vun de Remboursementer vun der CNS fir Behandlungen am Zesammenhang mat Bürokrankheeten an de leschten 10 Joer entwéckelt? Wéi héisch ass d'Zomm vun de Remboursementer vu Behandlungen vun engem Dokter? Wéi héisch ass d'Zomm vun de Remboursementer vu Behandlungen vun engem Kiné?

4. Wéi huet sech d'Zomm vun de Remboursementer vun den Zousazversécherunge fir Behandlungen am Zesammenhang mat Bürokrankheeten an de leschten 10 Joer entwéckelt?

Et ass der Gesondheetskeess net méiglech en zouverlässegen Zesammenhang tëscht de Remboursementer vu Behandlungen an de Bürokrankheeten ze maachen. D'Prise en Charge vun den Traitementen erlaabt et net e direkte Lie mat enger „Bürokrankheet“ hierzustellen. Et misst also schonn eng detailléiert Etude gemaach ginn, wou déi verschidden Acteurs misste befrot ginn, fir kënnen Donnéeën a méi präzis Aussoen ze maachen.

5. Wat fir konkret Preventiounsmoossnamen ënnerhëlt de Ministère, fir Employeur an Employé op dës Niewewierkungen opmierksam ze maachen?



D'Aktiounen vum Gesondheitsministère am Beräich Gesondheet a Sécherheet op der Aarbechtsplaz, déi och an der Strategie "VISION ZERO" (www.visionzero.lu/campagne) vun der Onfallversécherung (AAA) virgesi sinn, sinn:

- Präventioun vu Krankheeten a Promotioun vun der Gesondheet op der Aarbechtsplaz duerch verschidden national Gesondheetspläng.
- D'national Promotioun vun de beschte Firme Projeten a punkto Gesondheet op der Aarbecht „best practices“ duerch de nationale Sécherheet- a fréiere Gesondheetspräis deen duerch 3 Ministère vergi gëtt: Aarbecht, sozial Sécherheet a Gesondheet.

Déi meescht national Gesondheetspläng hunn all e spezifesche Volet vun Aktiounen, déi op der Aarbechtsplaz ausgefouert ginn. D'Aarbechtdokteren an Zesummenaarbecht mat de Patronen a Gewerkschafte sinn ons Partner fir d'Aktiounen um Terrain ze maachen.

Beispiller vu konkreten Aktiounen op der Aarbechtsplaz ginn et an den nationale Pläng iwwert Kriibs, Drogen, Tubak, GIMB, Suizid, etc.

Wat d'Réckeproblematik ubelaangt, finanzéiert de Gesondheitsministère déi national Récke Schoul (Prévendos) déi duerch déi vum Service de santé au travail multisectoriel (STM) bedriwwen gëtt.

Dës Weidere bitt d'AAA eng Aart Kalenner mam Numm „En forme sur le lieu de travail“ un, vun deem d'Leit kënne gratis profitéieren. Et handelt sech heibäi em e Programm mat ganz simplen Dehnungs- a Verstärkungsübungen, déi Stéierungen um Niveau vum Skelett an de Muskele vermeiden an d'Gesondheet fir Bürosaarbechte verbessere sollen andeems gezielt op individuellen oder ganze Partië vum Kierper geschafft gëtt. Dës Übungen, déi wéineg Zäitopwand mat sech bréngen, sinn op wöchentleche Kalenneren duergestallt a fuerdere kee speziell d'Material.

Och gi cibléiert Konferenze während den "Forums sécurité-santé", déi all Joer vun der AAA, a Kollaboratioun mat der Union des entreprises luxembourgeoises (UEL) an dem Institut national pour le développement durable et la RSE (INDR) an am Kader vun der nationaler Strategie "VISION ZERO" organiséiert ginn, ugebueden.

Global maachen all d'arbechtsmedizinesch Servicer maache Präventioun déi spezifesch op de jeweilige Secteur orientéiert ass.

Dës Präventioun geschitt duerch allgemeng Sensibiliséierungsmoosname vun den arbechtsmedezinesche Servicer, awer och individuell wéi z.B. duerch psychologesch Betreiwung am Kader vun der präventiver Betreiwung.

Op den Internetsite vun der AAA oder der STM sti weider Infoen zur Verfügung.

Méi allgemeng ass eng reegelméisseg Beweegung immens wichteg fir verschidde Krankheete virzebeugen ewéi och hiren Impakt ze limitéieren. Ee vun den Haaptproblemer ass nämlech de Manktem u Beweegung, sieft dat well ee vill am Büro sëtzt, oder eben duerch de Liewensstil vun eiser Gesellschaft wou eng reegelméisseg Beweegung net stattfënnt.

Hei spillen d'Initiativen „Sport-Santé“ an och „Gesond iesse méi beweegen“ eng wichteg Roll punkto Präventioun an och fir bei verschidde Krankheeten de Risiko ze reduzéieren. Esou gouf zum Beispill en „Aktimeter“ developéiert an un all Dokter verschéckt, grad ewéi un aner zentral Acteuren, fir dat



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

se zesumme mam Patient kënnen determinéieren op si genuch Aktivitéit maachen an e wéi eng Aktivitéit ubruecht ass. Dës kann och op der Internetsäit [sante.lu/de/aktimeter/](https://www.sport-sante.lu/de/aktimeter/) ><https://www.sport-sante.lu/de/aktimeter/> consultéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2022

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen